

Kontakt & Aschreiwungen

www.youngcaritas.lu
formations@youngcaritas.lu
f youngcaritas.lu
@ youngcaritas.lu
Tél.: 36 74 68 - 1

Büroen

20, rue de Contern
L-5955 Itzig

ab 15. November

11-13, rue de Geespelt
L-3378 Roeser

NEI!
NOUVEAU!

BCEE LU95 0019 1000 2692 7000
Agréments gouvernementaux:
SECO RNAI FSE 201403/12
SECO RNAI AA 201403/13

Dir wëllt keng Broschüre méi geschéckt kréien?
Dann méllt lech of bei: formations@youngcaritas.lu



Opbau vun der Formation Animateur



Animateur Brevet A

Dës Formation ass fir Fräizäitaktivitéiten ouni Iwwernuechtungen z.B. bei Spillnomëtteger geduecht.

Animateur Brevet B

Dësen Brevet riicht sech un all Jonker ab 16 Joer, wou sech an den Vakanzekolonien bénévol engagéieren wëllen. Hei kritt een d'Méiglechkeet den sozialen Beräich kennenzeléieren, Verantwortung ze iwwerhuelen an natierlech Kanner & Jugendlechen eng flott Zäit ze erméiglechen.

Animateur Brevet C

Dësen Brevet ass d'Weiderféierung an d'Verdéifung vum Brevet Animateur B (Aide-Animateur). Fir dësen Modul kennen ze man muss een minimum 17 Joer hunn, an schonns praktesch Erfahrungen gesammelt hunn.

Animateur Brevet E

Den Animateur E, riicht sech un erfahrene Animatricen an Animateuren wou wëllen Responsabel vun enger Kolonie ginn.

Animateur Brevet F

Den Animateur F, ass fir erfahrene Animatricen an Animateuren wou hiert Wëssen an hier Erfahrungen als Formateur wëllen weiderginn

Wou gin d'Formationen ofgehalen?

Eis Formationen ginn all a Lëtzebuerg a verschiddene Chalet'en oder Jugendherbergen ofgehalen.

Umeldung:

www.youngcaritas.lu
formations@youngcaritas.lu

GËFF AKTIV – och ouni Brevet!

Solidactive
Spillmobil
Däi Projet



Dir wëllt méi iwwer déi verschidde Beräicher kenneléieren?
Besicht eisen Internetsite:
www.youngcaritas.lu
oder schreift eis eng E-Mail:
info@youngcaritas.lu



Animateur Brevet A

Vakanzaktivitéiten

Hei solls du:

- Op mannst 15 Joer hunn
- Keng Virkenntnisser néideg
- 2 Formatiounsweekender maachen
- Vakanzaktivitéiten mat gestalten

Datum:

01-02.04.2023
06-07.05.2023

Präis:

75€

Hei kriss du eng Basisformatioun iwwert Animatioun, Betreierung an Begleedung vun Kanner. Des Formatioun ass geduecht fir d'Encadrement vun Kanner während Vakanzaktivitéiten. Des sinn nëmmen Dagesaktivitéiten ouni Iwwernuechtung déi mam Brevet A duerfen gemaach ginn.



Animateur Brevet B

Aide-Animateur

Hei solls du:

- Op mannst 16 Joer hunn
- 3 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (5 Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

Präis:

200€

13-15.01.2023: Kolonie erlierwen

Desen Weekend kriss du en éischten Abléck iwwert youngcaritas, an en Iwwerbléck iwwert d'Kolonie Liewen an d'Animateur Pflichten. Den Programm ass wéi an enger richteger Kolonie, eben just mat Gläichaltregen. Dat geet vum Opstoën, iwwert lessen, Spillen, Atelierien plangen, Theater, Veillée, An d' Bett goen...

04-05.02.2023: Spillen an animéieren

En einfacht Spill an eng flott Aktivitéit ëmwandelen, dat ass net esou schwéier. Mir weisen dir, wéi et geet.

18.03.2023: Plooschteren a Bloderen

Richteg reagéieren ass net nëmmen an der Kolonie wichteg. Hei léiers du déi néideg Grëffer an kriss Tipps an Tricks, mat deenen du herno richteg handeln kanns.

10-14.04.2023: Formatiounswoch

An dëser Formatiounswoch geet et drëm wéi ee grouss Spiller preparéiert, organiséiert an duerchféiert. Wéi gëtt eng Owe-Animatioun ofgehal? Wourop muss een oppassen, wann ee Gruppe Spiller an Aktivitéiten fir Kanner oder Jugendlecher organiséiert?

Animateur Brevet C

Animateur

Hei solls du:

- Am Besëtz vum Brevet B (Aide-Animateur) sinn
- 3 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (5 Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

Präis:

200€

13-15.01.2023: Kach Weekend

Mir kachen mat Phantasie zu engem bestëmmten Thema (z.B. bloen Schlumpfe Pudding mat Baart...) Verschiddenes, Menü ausprobéieren, op Allergien an Intoleranzen oppassen, gesond an gläichzäiteg Kand gerecht kachen! D'Hygiène an der Kichen soll dobäi net vergiess ginn.

04-05.02.2023: Theater Weekend

Vum Improtheater iwwert Rollespiller an Verkleedungen gëtt et dësen Weekend sécher net langweilig. Wei kann en d'Kanner begeeschteren? Waat brauch en un Material? Wei kann en Spiller an en Theater abauen? Zu all dësen an nach aneren Froen kennt dir hei eng Äntwert kréien.



10-12.03.2023: Inklusiounsweekend

An Zesummenaarbecht mat engem Grupp vun Kanner an Jugendléchen déi eng Beanträchtege hun, gestallten mir en spannenden an léierräichen Weekend. Hei geet et drëm, sech un die verschidden Bedierfnisser kennen unzepassen an d'Aktivitéiten ofzestëmmen.

10-14.04.2023: Formatiounswoch

An dëser Formatiounswoch gi vill verschidden Aspekter vun der Kanner - a Jugend Betreierung duerchgeholl, z.B. d'Besoin vu Kanner a Jugendlechen, Kommunikatioun, Gruppen Dynamik a viles méi wat engem op enger Kolonie weiderhëlleft.

Animateur Brevet E

Responsabel Kolonie

Hei solls de:

- Op mannst 18 Joer hunn
- Den Brevet C vum Animateur hunn
- Schon vill Kolonie-Erfahrungen gesammelt hunn

08.07.2023 zu Léiweng

D'Hauptverantwortung iwwert den Grupp an der Kolonie iwwerhuelen, den Gesamtprogramm koordinéieren, d'Moniteursequipe zesummestellen a leeden, den Budget verwalten a viles méi gëtt schonn virun, während an no der Kolonie vum Responsabel verlaangt.

Fir d'Formatioun vum Brevet E, gëtt just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss, deenen youngcaritas och d'Vertrauen gëtt, fir eng Kolonie als Responsabel ze man. Dës Formatioun deelt sech an theoretisch an och praktesch Deeler op.

Animateur Brevet F

Formateur

Hei solls de:

- Op mannst 18 Joer hunn
- Den Brevet C vum Animateur hunn
- Schon vill Kolonie-Erfahrungen gesammelt hunn

Dësen Weekend gëtt vum SNJ ugebueden!

Du wëlls dän Wëssen an deng Erfahrung un nei Animatrici an Animateuren weiderginn ?

Fir d'Formatioun vum Brevet F, ginn just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss, deenen youngcaritas och d'Vertrauen gëtt, sech als Formateur ze engagéieren. Fir dësen Brevet muss du un engem offiziellen Formatiounswoch matmaachen an als Co-Formateur eng Formatioun mat ausschaffen an ofhalen. Den Programm gëtt fir all neien Formateur individuell zesummegeallt.

